



**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Wunnungsbauminister op d'parlamentaresch Fro n° 7256 vum 29. November 2022 vun der Madamm Deputéiert Carole Hartmann.**

***Gëtt dësen Hangar nach vu Ponts et Chaussées oder vun engem anere Service genotzt, a falls jo, fir wat?***

Bis virun 2 Joer war dësen Hangar den Atelier vum regionale Service lechternach vun der Stroossebauverwaltung. Säit dës Service en aneren Atelier besat huet, gëtt dësen Hangar nëmmen nach als Lager benotzt. Dësen Hangar gëtt donieft der Gemeng lechternach bis Enn 2023 zur Verfügung gestalt, fir de Stockage vu Material no den Iwwerschwemmungen am Juli 2021.

***Kéint op dësem Terrain, deen dem Staat gehéiert, subventionéierte Wunnraum geschafft ginn, eventuell an Zesummenaarbecht mam Fonds du Logement oder mat der SNHBM? Falls jo, ginn et schonn éischt Iddien? Falls nee, wisou net?***

***Ginn et eventuell aner Pläng fir dësen Terrain fir d'Zukunft?***

Den Ament gëtt et also keen direkten Notze fir de Site vum fréieren Atelier an de Terrain eegent sech beschdens fir Wunnraum ze schaffen.

Donieft ass de Terrain a der Neifaassung vum Flächenutzungsplang (Refonte du PAG 2020) vu der Stad lechternach als Wunnzone HAB-1 klasséiert. Dës PAG gouf a der Sëtzung vum 7. November 2022 vum Gemengerot approvüiert (2. Vott).

De Moment ass den Terrain awer nach net dem Ministère du Logement affektéiert. Eréischt wann dat gemaach ass, ka mat dem Fonds du Logement oder der SNHBM gekuckt ginn, wéi e Wunnungsbauprojet do ëmgesat ka ginn.

Lëtzebuerg, de 6. Januar 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch